ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Zënter bal engem Joer ass riets dervun, déi besonnesch vulnerabel Leit viru Corona ze schützen. Eng Bevëlkerungsgrupp, bei där d'Vulnerabilitéit net zur Diskussioun steet , ass déi vun denen eelere Leit. Mee och eng ganz Rëtsch aner Leit, z.B. mat Longen- oder Häerzproblemer, wëssen, datt Corona fir si liewensbedreelech ka sinn.

An deem Zesummenhank wéilt ech der Regierung dës froe stellen:

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt si Leit, déi duerch Virerkrankungen oder hir Krankheetsgeschicht vulnerabel sinn, och als prioritär bei den Impfunge consideréiert?
2. Wann jo, wéi a wou kënnen dës Leit, vun deenen eenzeler sech vläicht wëllen esou séier ewéi méiglech impfe loossen, sech melle fir prioritär behandelt ze ginn? Wéi eng Prozedure sinn hei virgesinn?
3. Ass et richteg, datt Dokteren hinnen zwar gesondheetlech Problemer kënnen attestéieren, awer keng Méiglechkeet hu fir si, op Wonsch vum Patient, fir eng prioritär Impfung virzeschloen? Wéi kënnen d'Doktere hei eng Méiglechkeet kréie fir Leit als prioritär ze proposéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten